**PROJET DE LOI 6488**

**relatif à la construction d'un Lycée à Clervaux**

*******

**DISCOURS Luss Clement 30/01/2013**

**Här President, Dir Damen an dir Hären,**

Ech hunn haut d'Éier Iech haut de Rapport vun der Nohaltechkeetskommissioun iwwert de Gesetzprojet 6488 virzestellen. Hei geet et ëm de Bäu vun engem neie Lycée zu Klierf.

Virweg kurz d'Antécédents'en.

De Projet gouff de 16. Oktober 2012 vum Nohalteschkeets- an Infrastruktur-Minister dem Claude Wiseler hei an der Chamber deposéiert. De Staatsrot huet säin Avis den 13. November gin.

Déi zoustänneg Kommissioun huët mech den 21. November als Rapporter zu dësem Gesetzesprojet ernannt.

Doroppshin huët d'Kommissioun souwuel de Projet ewéi och den Avis vum Conseil d'Etat den 20. Dezember examinéiert, an dee schreftlechen Rapport a sénger Sëtzung vum 16. Januar 2013 adoptéiert.

**Här President,**

Wéi et de Plan directeur sectoriel "Lycées" virgesäit, solle mëttel- a laangfristeg, déi néideg Schoulkapazitéiten geschaaft gin, an déi schoulesch Offer dézentraliséiert a regionaliséiert gin. Dise Plang wëll och datt Schoulen méi attraktiv gestalt solle gin, notamment duerch ee bessert ubannen un den öffentlëchen Transport, an d'Kapazitéit vun de Schoulgebäier soll optimiséiert gin.

De Kanton Klierf huët am Norden vum lëtzebuerger Land déi klengsten schoulesch Offer. Een neie Lycée as also néideg a secher och méi wéi

justifiéiert. Eent vun den Zieler as et, ewéi ech virdrun schons gesoot hun, fir Distanz teschend Schoul an der Awunnergemeng vun de Schüler ze kierzen. Mat disem neie Gebai wäerten dann och déi Leit aus dem héige Norden e Lycée an hirer Wunngéigend ze Verfügung hun.

Tëscht de Joaren 2000 an 2011 gouff et eng regelméisseg Erhéijung vun der Awunnerzuel am Kanton Clierf, ergo och vun de Schülerinscriptiounen. Sou hu sëch zënter 2000 bis haut landesweit insgesamt 8056 Schüler méi ugemellt. Dëst as ënner aanerem bedéngt duerch d'Gebuertserhéijung an dem steigenden Migratiounszoufloss, awer och duerch d'Verlängerung vun der obligatorescher Schoulzäit.

**Här President,**

Et gouff schons méi laang vun disem Projet geschwaat, fir d'éischte Kéier 2005 am Regirungsrot. Eng Etude huët gewisen, datt et e serieuen Besoin an där Regioun vum Land a punkto Secondaire gëtt. Déi politesch Responsabel vum Pôle Nord ënnerstëtzen dise Projet duerfir mat ganz vill Intressi. De Plan directeur sectoriel « Lycées » gesäit déi prioritär Rekrutéierungszone mat de folgende Gemenge fir : Klierf, Konstem, Hengescht, Housen, Munzen, Ëlwen, Wäiswampech, Wëntger a Kiischpelt.

D'Awwunnerzuël an där Zone, also an all deene Gemengen, klëmmt zimlech rasant erop. sou gouffen am Joar 2011 am ganzen 17776 Awunner gezielt. 11 Joar virdrun woaren et der 14599. D'Entwécklung an de Schoulen geet an déi selwecht Richtung, mat engem liichte Réckgang 2010. deen zënter hir praktesch net méi variéiert huet. 2011 hu sëch an där Zone 1508 Schüler ageschriwwen, waat de maximalen Potenzial ausmëcht.

All d'Gemengen vum Kanton si mat Klierf via öffentlëchen Transport verbonnen. Ee grousse Virdeel fir de Lycée zu Klierf as säin direkten Uschloss un d'Eisebunnsnetz. D'Parzell vum Lycée as 3 Hecktar an 3 Ar grouss. Dee

neie Lycée waert eng Kapazitéit vun ronn 800 Schüler hun. Dise Lycée waert et erméiglëchen datt d'Schoulen zu Woltz an Ettelbréck entlaascht gin.

An disem zu Klierf geplangte neie Lycée gin all Formatioune de Besoin'ën entspriechend proposéiert, bis op Ausnahm vu verschiddenen méi speziellen Formatiounen, wéi zum Beispill Hôtellerie, Agrarformation, Konstruktioun, an Habitat. Esou ewéi bal all aaner neie Lycée hei am Land béid och de Lycée vu Klierf an enger éischter Phase eng ënnescht Divisioun vum Secondär un, esou wéi déi ënnescht Cycle'ën vum Technique, an dem Régime préparatoire.

Et sin am ganzen 34 Klasse virgesinn, dovunner 26 fir den Technique (cycles inférieurs) an 8 Klassen fir de Classique (division inférieure). Waat d'Klassesäll uginn, get et Räim vun 60 a 70 m², verschidden Ateliers artistiques, e Musékssall, eng Salle polyvalente, verschidden Bio-, Geo-, Geschicht-, Informatik-, Chimie- an Physikssäll, esou wéi Sportssäll an eng Schwämm.
De Ministère de l'Education nationale, huet a séngem Bauprogramm verschidde Strukturen virgeluecht, déi fir eng optimal Ariichtung vun deene verschiddenen Typen vu Säll am Schoulkomplex suerge sollen. D'Schoulgebäi soll folgendermossen strukturéiert gin:
eng Structure d'enseignement mat deenen eenzelnen Modulen,
eng structure administrative fir d'Direktioun, d'Sëkretariat, de Konferenzraum, asw,
eng structure d'accueil fir d'Kantin, d'Bibliothéik, en Opënthaltsraum, a nach Sportsinfrastrukturen mat entspriëchende Säll an Terrain'ën,
eng Schwämm, a schlussendlëch eng extern Anlaag fir de Schoulhaff, de Préau, an d'Busquai'ën,
eng gréng Zone an e Parking fir Auto'ën a Velo'ën.

Waat de Projet pédagoqique ugeet, wëllt de Ministère datt d'Encadrement vun de Schüler de ganzen Daag vu Moïes 8 bis Owes 6 assuréiert soll gin.

De Site op deem de neie Klierfer Lycée geplangt as, läit am nördleche Quartier vu Klierf, um aalen Industriegelänn ënnen am Dall, dee bis 2007 vun der Firma "**CTI Systems**" beluecht gouff. Dise Site as westlech an östlech vun Hiwwele geschützt, an den Dall verleeft a béid Richtungen Süden a Norden weider. D'Klierf fléisst op der östlecher Sait laanscht, esouwéi och d'Zuchschinnen déi sech do befannen. D'Klierfer Gare läit ausserdem ganz no bäi. Op westlëcher Säit verleeft d'N18. Südlech leit den Terrain vun der aaler Industriehaal Synplants.
Di aal Gebaier vun der CTI Firma gouffe viru kuerzem oofgerappt. Et muss nach eng Sanéierung op verschidde Plaazen gemaacht
Gin. Dorëms muss de Staat sëch këmmeren. De Site op deem de neie Lycée geplangt as gehéiert effektiv zënter 2007 dem Staat. De Site, deen als "zone des bâtiments publics" agestuuft as, huët wéi virdu schons erwähnt gouf, eng Fläch vun 3,03 Hektar an as mat der Nummer 687/2922 am Kadaster enregistréiert. D'Terrai'en an der Nooperschaft gehéieren der Gemeng, der CFL, an dem Syndicat Sicler, dem Staat an der Ponts et Chaussées.
D'Etude iwwert d'Architektur huet och de bestoënden Iwwerschwemmungsrisiko mat analyséiert, an verschidden Virsichtsmoosnahmen gouffen an där Etude festgeluecht.

Quai'ën fir Bussen sin, wéi och schons mentionnéiert, virgesinn um Site selwer. D' Schwämm huet eng duebel Funktioun, fir d'Schoul an fir de Public. Desweideren steet hei ee Parking vun 68 Plaazen zur Verfügung. Fir déi praktesch Detailer vun där duebeler Notzung vun der Piscine, mëcht dd Staat mat der Gemeng eng Conventioun.

Et as och iwwer en eegend Identitéitskonzept nogeduëcht gin. Zum Beispill soll de Lycée sech a séngem natiirlechen an urbanisteschen Environnement op eng positiv an attraktiv Mannéier integréieren. E gesëcherte Foussgängerwee vum Lycée bis bei d'Gare soll den Accès zum ganze Schoulkomplex erméiglechen. Et gett och iwwer d'Idee diskutéiert, e Konzept vir **d'Mobilité douce** ze entwéckelen, vir datt d'Schüler encouragéiert gin, méi zu Fouss oder verstärkt mam Velo bis an d'Schoul ze kommen.

Fir d'Konstruktioun selwer vum Lycée gëtt modernt an nohaltecht Material benotzt, daat en einfachen Entretien erméiglecht, an och Energiespuerend an emweltfrendlech as. A propos Energie, hei gëtt dem Staat séng Strategie och gewëssenshaft emgesaat an un déi aktuell Normen ugepasst. D'Prinzipien vun der Nohaltechkeet gin hei no deem neiste Stand respektéiert an emgesaat. De neie Lycée wäert eng performance énergétique vun der Klass A kréien. **D'Efficacité énergétique thermique** kréit d'Klass C. Et gett hei eng Kombinatioun vun 2 verschidden Entlüftungssystemer virgeschloën, déi eng mechanesch, déi aaner natiirlech. Daat waert derzou féieren, datt d'Gebai eng ideal Innentemperatur an eng gudd Loftqualitéit behällt. Et sin och Solarzellen virgesinn  fir d'Produktioun vun Hetzt. Sou ginn also iwwerflësseg CO2-Emissiounen vermidden notamment fir d'warmt Waasser an fir d'Heizung.

D'Kantine kann 400 Schüler empfänken an daat an zwee getrennten Servicer, also 2 mol 200.  Waat d'Detailer vun der Infrastruktur ubelaangt, déi sin ganz präzis am **Exposé des motifs** erklärt.

Éier ech Iëch nach vum Avis vum Conseil d'Etat schwätzen, kommen ech elo awer nach virdrun zum finanzielle Volet. Laut den Indikatioune vum Devis estimatif vum März 2012, leien d'Käschte vir de Bau  bei 75 Milliounen 450 Dausend Euro (mat TVA). Heibäi muss ee soën, datt vir de Sportskomplex 6,2 Milliounen gebraucht gin. D'Verbrauchs- an Entretienskäschten gin op 13 Milliounen 245 Dausend Euro d'Joar geschaat.

**Här President,Dir Damen an dir Hären,**

De Staatsrood huet säin Avis de 15. November oofgin. Hien stemmt deem Gesetzprojet zou, an deems datt hien betount datt d'Ziel vum neie Lycée zu Klierf doranner besteed, fir d'schoulesch Offer am Land besser ze verdeelen, virun allem an deenen Regiounen wou e seriöe Besoin besteet, wéi zum Beispill am Norden. De Staatsroot stellt sech och zefridden mam Rapport iwwert d'Architektur an iwwer de Choix vum Baumaterial an och mat der Synergiefunktioun vun der Schwämm.

De Staatsrood mecht allerdéngs eng Bemierkung iwwer d'Schülerkapazitéit. Am Plan directeur sectoriel « Lycées » steet dass de Maximum bei 1'508 Schüler läit, all Cyclen zesummegeholl. Or, am Gesetzprojet gëtt vun 800 Schüler fir den Cycle inférieur geschwaat. De Staatsrood stellt sëch also d'Frô, op d'Auteure vum Projet an enger Optik handelen, fir e Lycée ze bauen, deen sech nemmen op Cycles inférieurs vu Classique an Technique limitéiert. An deem Fall missten dann d'Schüler duerno trotzdem de Lycée wiesselen. De Staatsrood as der Meenung datt et dann administrativ gesinn méi efficace a gënschteg wiër, aus deem neie Lycée eng Annexe vun engem aaneren Gebai ze maan, sou wéi d'Mierscher Annexe vum Diekrecher Lycée.

An der Kommissioun hu mir awer festgestallt, datt dis Kritik net justifiéiert as, well d'Offer vum Lycée op iëwescht Klassen a Funktioun vun der Awunnerzuëlentwécklung ausgewait ka gin. Hei dierft eng Extensioun ouni gréisser Problemer méiglech sin.

D'Administration des bâtiments publics huët preziséiert, datt eng méiglech Extensioun vum Gebai mat ageplangt as, an dass de Staat elo kirzlech d'Parzelle vun der Gesellschaft Synplants opkaft huet.

Disen Terrain as iwregens och schons als **zone des bâtiments publics** ausgewisen. D'Kommissioun huët also zréckbehaal, datt de neie Clierfer Lycée onoofhängech gëtt, an datt et keng Annexe fir en aanere Lycée wäert gin.

**Här President,**

Léif Kolleginnen a Kollegen, wa mir haut dise Projet stëmmen, as et méiglëch datt d'Arbëchten Mett 2014 ugin, an an deem Fall wier de Bau normalerweis Enn 2017 färdeg.

Als Rapporter denken ech, oder besser gesoot wënschen ech mir datt dise Projet eng grouss Zoustemmung heibannen kréit, et as ee wichtegen Projet fir déi schoulesch Offer ze verbesseren, mee och ee wichtegen Projet fir déi ganz Régioun em de Klierfer Kanton.

Ech soën Merci all deenen déi un disem Projet matgeschafft hun, ech soe Merci fir d'Nolauschteren, a gin wéi kann et aanescht sin den Accord vun der CSV-Fractioun.